

Rapport vun der Kultur-Kommissioun

02/2022 – date: 05/05/2022

Presenzen

Present	Net present
EICHER-KARIER Christiane	CINCIS Patrick (excusé)
GRAFF Yolande	KOEPP Carlo (non-excusé)
KIEFER Raoul	MICHELS Claudine (non-excusée)
LESCH Laure	MOREIRA CARDOSO Miguel (excusé)
LUX-PEPIN Mariette	NOESEN Henri (excusé)
VOSMAN-KIEFER Diane	

Ordre du jour

1. Approbatioun vum Rapport 01/2022
2. Aktivitéiten Ukrainer vun Huelmes
3. Kulturell Aktivitéiten a Gemengegebäier
4. 50€/Kommissiounsmember vun der Gemeng: wat maache mir?
5. Divers
6. Nächst Versammlung

Punkt 1: Approbatioun vum Rapport 01/2022

- Kulturkommissioun(déi Léit di présent waren) approvéeiert de Rapport 01/2022

Punkt 2: Aktivitéiten mat Ukrainer zu Huelmes

Zum aktuellen Zäitpunkt kënne/brauche mir keng Aktivitéiten mat deenen Betreffenen z'organisieren:

- Sprochlech gekuckt ass et zimlech schwéier fir mat hinnen ze kommunizéieren
- Léit befassen sech mat hire Problemer a probéieren alles ze verschaffen, sech zurecht ze fannen an der Situatioun; si brauchen elo mol Zäit fir sech.

Punkt 3: Kulturell Aktivitéiten a Gemengegebäier

- Mir wëssen net op mir dëse Punkt iwwerhaupt tretéieren sollen

Punkt 4: 50€/Kommissiounsmitglied vum der Gemeng: wat maache mir?

Wéi jidderengem bekannt, huet Gemeng alle Kommissiounen ee Budget vun 50€/Member offréiert fir zesummen an engem vun de Restauranten vun der Gemeng, als Ekip iessen ze goen. Wat maache mir als Kulturkommissioun

- Mir diskutéieren dat wa méi Memberen présent sinn

Punkt 5: Divers

Versammlung mat der Gemeng, de Veräiner an der Kulturkommissioun:

- Et waren 13 Veräiner vertrueden, Kulturkommissioun, Tanja Asselborn vun der Gemengenadministratioun, de Marc Mannes vum Service Technique an de Bisi a Joske vun dem Gemengerot
- Et koom ëmmer erëm déi selwecht Remarquen:
 - Veräiner kënnen net ëmmer d'Säll – et bréicht een Erklärungen ier een ee Sall an Usproch hëlt
 - Et ass net ëmmer bekannt wat fir een Sall fir wat fir eng Aktivitéit gebraucht ka ginn?
 - Wéi ass et mat der Sécherheet vun de Säll respektiv Reglementer vun deenen jeweilegen Säll?
 - Demanden an Internetsite si net ganz iwwersichtlech a praktesch opgestallt – Prozeduren sinn ëmständlech
 - Ween sinn d'Usprechspartner an der Gemeng – divers Servicen?
 - Material: et ass proposéiert ginn dat an all Sall eventuell sollt genuch Material do sinn, wéi laut Reglement Léit dierfen an de Sall
 - Manifestatiounskalenner dee soll zesummen gekuckt ginn -> Syndicat? Entente?
 - Zu Bartreng mécht Kultur- & Sportkommissioun den Manifestatiounskalenner an d'Organisatioun
 - Zu Bissen ass eng Entente
- De ROI begrenzt ons an den Démarchen déi Kommissiounen ka maachen
 - Mir kéinten awer villäicht een Ustouss ginn
 - Mir kéinten proposéierten ons an Zukunft ëmmt den Manifestatiounskalenner ze këmmere
 - Kucken dat all Veräiner ugeschriwwen ginn

- Kuck dat Manifestatiounen laanschteneen laafen respektiv d'Veräiner drop opmierksam maachen
- No enger Versammlung mat de Veräiner an hirem Accord, de Kalenner erstellen

Punkt 6: prochaine réunion

- **Ordre du jour:**
 - Approbatioun vum Rapport 02/2022
 - 50€/Kommissiounsmember vun der Gemeng: wat maache mir?
 - Réaktioun op de Feedback vun der Gemeng punkto Manifestatiounskalenner
 - Wat kënnen mir als Kulturkommissioun maachen? Wat fir Proposen kënnen mir maachen?
 - Divers
 - Nächst Versammlung
- Mir treffen ons déi nächste Kéier den **Mëttwoches, den 13. Juli 2022 um 19h30 zu Téinten op der Gemeng**
- Falls mir bis dohin keng Äentwert vun der Gemeng hunn, da vertage mir déi Réunioun op de **Mëttwoch, den 28. September 2022 um 19h30 zu Téinten op der Gemeng**

Mir bieden all Member sech spéistens eng Stonn virun der Versammlung, ofzemellen. A w.e.g. op Emailadress vun der Kulturkommissioun, fir dat all Mensch bescheed weess. Oder mir kreeéieren een WhatsApp-Grupp....

Et gëtt drëms dat mir soss net beschlussfäheg sinn.